



Dépôt: Madame Nancy Arendt, Députée, le 07.07.2016

7014 - *Projet de loi portant réforme de l'assurance dépendance*

Dépôt: M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale, le 08.07.2016

3) Les demandes de pétition publique suivantes ont été déposées:

688 - *Demande de pétition publique: Dass Lëtzebuergesch offiziell an alle Schoule muss geléiert ginn!*

Dépôt: Mme Julie Erpelding, le 29.06.2016

689 - *Demande de pétition publique: Soulager les futurs locataires*

Dépôt: M. João Lima Da Cruz, le 05.07.2016

3. Ordre du jour

Ech géif dann d'Chamber froen, ob se mat deem Ordre du jour, deen Der zougestallt kritt hutt, mat deene lichten Annerungen, déi proposéiert gi sinn, d'accord ass.

(Assentiment)

Ass dat esou?

► **Une voix.** - Jo, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dann ass dat esou décidéiert.

4. Résolution relative à la proposition de règlement du Parlement européen et du Conseil relatif aux services de livraison transfrontière de colis (COM (2016) 285)

- **Art. 168 du Règlement de la Chambre**

Da géif ech lech proposéieren, zum éischte Punkt iwwerzegoen, dat ass en Avis politique, deen eis vun der Héichschoukkommissioun proposéiert gëtt.

Résolution

La Chambre des Députés

- *considérant l'article 168 du Règlement de la Chambre des Députés;*

- *rappelant que la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace a été saisie d'une proposition de règlement du Parlement européen et du Conseil relatif aux services de livraison transfrontière de colis (COM (2016) 285);*

- *constatant que la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace a adopté lors de sa réunion du 4 juillet 2016 un avis politique au sujet de l'initiative législative COM (2016) 285 précitée et relevant du contrôle du respect du principe de subsidiarité;*

décide d'adopter cet avis politique de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace ayant la teneur suivante:

La Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace de la Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg a examiné la proposition de règlement du Parlement européen et du Conseil relatif aux services de livraison transfrontière de colis (ci-après désignée «la proposition de règlement COM (2016) 285»).

Cette proposition lui a été renvoyée afin que sa conformité au principe de la subsidiarité soit vérifiée.

Ce contrôle a permis de confirmer que la proposition de règlement est conforme au principe évoqué. Néanmoins, certaines observations s'imposent.

La proposition de règlement COM (2016) 285 vise à améliorer le fonctionnement des marchés en renforçant l'efficacité et la cohérence de la surveillance réglementaire du marché de livraison de colis et en encourageant la concurrence. La proposition de règlement a par ailleurs pour objectif d'accroître la transparence des tarifs, afin de réduire les écarts tarifaires injustifiés, d'une part, et les tarifs payés par les particuliers et les petites entreprises, en particulier dans les régions éloignées, d'autre part.

Il va sans dire que la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace soutient les objectifs de la proposition de règlement COM (2016) 285. Des services de livraison accessibles et abordables constituent une condition préalable essentielle à un commerce électronique transfrontière prospère. L'initiative législative revêt une grande importance pour les consommateurs individuels qui, souvent, se voient lésés par les prix élevés appliqués lors d'achats transfrontières. Ceci est d'autant plus vrai pour les consomma-

teurs luxembourgeois qui sont largement tributaires des services de livraison transfrontière de colis.

La Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace encourage la démarche et les efforts visant à améliorer la transparence des prix et à assurer le bon fonctionnement des marchés de livraison transfrontière de colis. Elle considère que la proposition de règlement COM (2016) 285 est un premier pas dans la bonne direction. Elle estime cependant que le champ d'application de l'initiative législative devrait non seulement concerner les prestataires du service universel, mais tous les prestataires et distributeurs actifs dans le marché des livraisons transfrontières.

La Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace invite les autorités européennes à mettre en œuvre les mesures nécessaires visant à améliorer l'accès des consommateurs et des entreprises aux biens et services numériques dans toute l'Europe. Elle constate que des prestataires et distributeurs excluent la livraison de certains produits vers le Luxembourg, alors que les consommateurs d'autres États membres ne sont pas sujets à pareil géo-blocage. La Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace estime donc que les efforts en matière de lutte contre la discrimination géographique injustifiée et d'autres formes de discrimination fondée sur le lieu de résidence ou la nationalité méritent d'être intensifiés.

D'Kommissioun vum Enseignement supérieur, vun der Recherche, vun de Medien an dem Weltraum huet an hiner Reunion vum 4. Juli 2016 décidéiert, en Avis politique un d'Europäesch Kommissioun ze riichten, deen d'Dokument COM (2016) 285 vum Europaparlament a vum Conseil iwwert déi grenziwwerschreidend Zoustellungsdéngschter vu Päck betrëfft.

D'Kommissioun huet wuelverstane kee Problem, wat de Respekt vum Subsidiaritéitsprinzip ugeet, ma wollt politesch Bedenken zum Ausdruck bréngen, esou wéi et den nationale Parlamenter méiglech ass.

D'Prozedur, déi applizéiert gëtt, ass geregelt am Artikel 168 vun eise Chamberreglement. Den Avis politique vun der Héichschoukkommissioun ass lech a Form vun enger Resolution verdeelt ginn an et ass proposéiert, fir e Vott ouni Débat virzehuelen.

Ass d'Chamber do dermat d'accord?

(Assentiment)

Da géif ech lech bieten, wann Der do dermat d'accord sidd, fir iwwert déi Resolution mat Handophiewen ofzestëmmen.

Vote sur la résolution

Wien ass mat där Resolution d'accord?

D'Géigeprouf: dergéint? Enthalung?

Mir hunn Unanimitéit. Villmools Merci!

Mir géifen dann déi Resolution un déi zoustänneg europäesch Instanze weiderleeden.

A mir géifen dann zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour iwwergoen, dat ass de Projet de loi 6829, en Traité mat der Belsch iwwert d'Kooperatioun am Beräich vun der Verdeedegung an der Sécherheet. An d'Wuert huet elo direkt d'Rapportrice vum Projet, d'Madamm Claudia Dall'Agnol.

5. 6829 - *Projet de loi portant approbation du Traité entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Belgique concernant la coopération en matière de défense et de sécurité, fait à Bruxelles, le 5 février 2015*

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP), rapportrice.** - Merci, Här President. Dir hutt wéi ëmmer eng gutt Aleedung zu dësem Projet de loi gemaach. Wéi Der gesot hutt, geet et ëm en Traité tëschent eise Land op där enger Säit an der Belsch op där anerer Säit. Deen Traité ass de 5. Februar 2015 schonn zu Bréissel ënnerschriwwen ginn an en handelt ëm alles, wat d'Kooperatioun a Saachen Défense a Sécherheet betrëfft.

Firwat ass iwwerhaupt esou en Traité néideg, oder firwat ass esou en Traité néideg ginn? Well Der wësst sécherlech alleguerten, dass mer scho ganz laang an och ganz enk mat der Belsch zesummeschaffen, wat d'Défense ubelaangt. Ma just dowéinst hunn eben déi zwou Regierungen sech entschloss, dës Zesummenaarbecht e geregelte Kader ze ginn. D'militäresch Zesummenaarbecht, an do soen ech lech och näischt Neits, déi ass villfälteg, a mir hunn

dofir am Moment eng 40 Arrangementen an Accorden, virun allem, wat déi technesch Aspekter ubelaangt.

Well mer awer, wéi ech elo just gesot hunn, op ville Borden, wéi zum Beispill och bei der Ausbildung vun eisen Offizéier an eisen Enneroffizéier, zesummeschaffen, well mer um Terrain zesummeschaffen, sief et bei Manöveren oder bei Friddensmissiounen, a mer och ëmmer kucken, wéi déi zwee Länner a puncto Arméi kënne Synergië schafen, ass et wichteg ginn, dass mer eis e klore juristesche Kader ginn, deen all dës divers Aufgaben, déi mer gemeinsam meeschteren, chaperonnéiert.

Et ass also e generellen Traité, deen net den Usproch huet, exhaustiv ze sinn, mä wou mer awer déi praktesch Modalitéite vun eise Partenariat festhalen. Dat sinn zum Beispill de Statut vum Personal, mä awer och den Échange vun Informatiounen a villes méi. Dësen Traité wäert also déi generell Konditiounen vun de verschiddene bilaterale Kooperatiounen definéieren, souwuel wat déi Arrangementen virun der Ennerschrëft vum Traité wéi déi an der Zukunft op eis duerkomme wäerte betrëfft.

Wéi ech elo schonn e puermol hei betount hunn, schaffe mer zënter Laangem zesummen an hunn och wëlles, dat an Zukunft weider ze maachen. A genau dat solle mer eben haut de Mëtteg stëmmen, nämlech en Traité, deen dës Zesummenaarbecht festhält an also och encadréiert. - Esou vill zum Inhalt vun dësem Projet de loi.

Elo zu e bësse méi Administrativem. De Projet de loi, deen huet nëmme een Artikel a gouf vun eise Ausseminister, dem Jean Asselborn, de 24. Juni 2015 déposiert. Ech gouf dann an der Reunion vum 7. Dezember d'lescht Joer vun der aussepolitescher Kommissioun als Rapportrice fir dëse Projet de loi bestëmmt. Mir hunn dann an eiser Reunion vum 11. Januar dëst Joer souwuel de Projet de loi wéi och den Avis vum Statsrot ënnert d'Lupp geholl.

An de Statsrot, dee weist a sengem Avis drop hin, dass all déi technesch Arrangementen, déi am Kader vun dësem Accord getraff ginn, zum Beispill fir d'Zesummesetzung vun de Contingenten oder d'Kafe vu Material, och mussen am Mémorial publizéiert ginn.

An dësem konkrete Fall gëtt et bis elo domat kee Problem. An déi Arrangementen, déi mer momentan mat der Belsch hunn an déi nach en vigueur sinn, kënnen a wäerten effektiv am Mémorial publizéiert ginn. Allerdéngs kéint dës Virgab vum Statsrot an Zukunft zu Problemer féieren, nämlech ëmmer dann, wann an esou engem Arrangement Saache géife festgehalen ginn, déi der Geheimhaltung ënnerleien, zum Beispill aus Sécherheetsgrënn.

Opgrond vun dëse Schwierigkeeten hu mer den 1. Februar an eiser Reunion décidéiert, dass mer dëse Projet de loi net einfach esou kéinte stëmmen, mä dass mer op en Avis juridique vum Ausseministère géife waarden, deen zu där Problematik Stellung sollt huelen.

Deen Avis, dee krute mer dann och schlussendlech den 10. Juni, a mir hunn eis an der Kommissioun de 4. Juli deen ugekuckt. An opgrond vun dësem Avis hu mer festgehalen, dass technesch Arrangementen, déi der Geheimhaltung ënnerleien, méiglech mussen sinn, soulaang se reng technesch bleiwen a keng juristesche Obligatiounen enthalten. Fir dëst kënnen ze garantéieren, behält sech d'Chamber dofir d'Recht vir, iwwert dës Arrangementen informéiert ze ginn, fir esou kënnen ze iwwerpräiwen, ob do sécher keng juristesche Obligatiounen dra sinn a fir hire Rôle vun der politescher Contrôle kënnen auszeüben.

De Rapport schlussendlech gouf dann an der Kommissioun d'lescht Woch de 6. Juli ugehall, soudass ech lech deen haut dann och konnt mëndlech hei an der Chamber presentéieren.

Dat gesot, soen ech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Häre Ministeren, natierlech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn an deemselwechten Otemzuch och den Accord vun de Sozialisten zu dësem Projet de loi.

Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An d'Wuert ass direkt um nächste Riedner, dem Här Jean-Marie Halsdorf.

Discussion générale

► **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och meng Interventioun klasesch ufänken an der Rapportrice Merci soe fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Effektiv bréngt dëse Projet de loi nämlech Sënn, eng Kontinuitéit an ee Konsolidéieren am Fong geholl an déi laangjäreg gutt an noutwendeg strategesch Zesummenaarbecht an der Défense mat eise belschen Noperen. E for-

maliséiert am Fong geholl dës gutt 40 Arrangementen an technesch Accorden an en ännert de juristeschen Niveau vun der Zesummenaarbecht. Et ass eng gutt Saach.

Mä, an dat ass jo grad gesot ginn am Rapport, am mëndleche Rapport: Wa mer global légiféréieren a mer setzen déi strategesch Zesummenaarbecht an dee Kontext fir ze légiféréieren, da komme verschidde Contrainten. Dat dāerf awer net an d'Richtung goen, dass mer am Fong geholl eng Complication administrative a juridique géife kréien, mä mir mussen éischer eng Simplification administrative a juridique kréien.

An duerfir ass dann déi ganz Problematik komm mat den Amendementen, eventuell Amendementen respektiv mat Arrangementen, déi mussen ëmgemat ginn. An do spille jo d'Artikele 37 an 112 vun der Verfassung, déi jo virgesinn, dass d'Chamber ëmmer muss hir Zoustëmmung ginn an dass verschidde Légiféierungselementer mussen am Fong geholl publizéiert ginn am Mémorial.

Dat ass da bei deene 40 Arrangementen, déi mer hei virleien hunn an déi am Fong elo geholl sinn, ier d'Gesetz a Kraaft trëtt, kee Problem, well dat u sech, dat huet jo och d'Rapportrice gesot, d'Modalitéite si fir d'Ëmsetzung vum Traité vun der Gächel. Dat ass kee Problem. Mä wa mer nei Elementer kréien, Arrangementen kréien, wou confidential, sensibel Informatiounen dra sinn, da gëtt dat méi problematesch. An duerfir deen Avis juridique.

An ech wollt soen, dass d'CSV domat konnt liewen, fir den Avis esou ze interpretéieren, dass et méiglech ass, och esou Arrangementen rechtskräfteg ze maachen, ouni dass se mussen am Fong geholl an d'Chamber kommen an ouni dass se publizéiert ginn, à Konditioun natierlech, an dat ass ganz wichteg, dass d'Chamber informéiert gëtt am Detail, firwat dat esou ass, well soss ka se effektiv hiner Kontrollfongtioun net gerecht ginn.

A mir fannen, dass duerch dës ganz Démarche mer méi Transparenz kréien an déi militäresch Zesummenaarbecht, wat positiv ass. Mir kréien e juristesche Kader a mir kréie méi Rechtssécherheet. An duerfir ass dat besser wéi d'Situatioun aktuell. Haut hu mer am Fong eng Situation, déi step by step entstanen ass iwwer Joren, an et wousst een net genau, et konnt ee sech kee richteg globaalt Bild maachen, wat d'Tenants an d>Aboutissants si vun eiser Zesummenaarbecht.

Ech ginn dovun aus, Här Minister, dass mer, oder Här President, dass mer an Zukunft méi integrativ a méi vernetzt kënnen zesummeschaffen an dass mer eng méi grouss Systematiséierung an déi Zesummenaarbecht kréien.

Do stellen ech eng Fro, déi stellt sech trotzdem: Wéi soll dat dann, wa mer systematiséieren, mat der Sprooch goen? An der belscher Arméi hu mer dräi Sproochen; mir hunn Englesch, Franséisch a Flammännesch. Heescht dat, dass do nei Dispositiounen geholl ginn, fir dass eis Leit kënne besser zesummeschaffen, dass se eventuell Flammännesch léieren? Ech weess dat net. Mä déi Fro stellt ee sech, wann een dat Ganz he kuckt.

An déi aner Fro, déi sech stellt, dat ass, wa mer soen, mer schaffe mat der Belsch zesummen, huet de Minister och scho gesot virun e puer Méint, gëtt et och am Benelux méi Zesummeschaffen, wat och eng gutt Saach ass. Duerfir ass meng Fro un hien, ob effektiv och e bilateraal Ofkommen mat den Hollänner respektiv en trilateraal Ofkommen mat eisen dräi am Benelux méiglech ass, op engem Titre wéi dem „Renegade“, dee mer herno diskutéieren.

E puer kleng Froen zum Gesetz. D'Médecine militaire soll am Punkt 9 vum Artikel 2 anescht opgestallt gi mat de Belsch. Sinn doduerch déi Iwwerleeungen, déi et gi sinn, fir mat der Bundeswehr zesummeschaffen, elo hifälleg oder net? Dat géif mech interesséieren.

Zweet Fro: Artikel 3, do gëtt geschwat vun Arrangements de coopération an do gëtt da gesot, «et ce compris les aspects financiers». Gutt, dat heescht also, wa mer Arrangementen hunn - ech huele Beispiller, déi mer alleguerten kennen, dat ass de Camp Lagland bei Arel, wou mer vill mat deenen zesummeschaffen -, wa mer dat elo systematesch maachen an dat richteg an e Kontrakt setzen, gëtt dat net méi deier? Ech weess dat net, duerfir: Gëtt déi finanziell Belaaschtung aneschter? Dat ass jo eng Fro, déi een hei ka stellen, an déi géif dann och weisen, wéi et an Zukunft weidergeet.

An och iwwerhaupt hunn ech ee Punkt keck fonnt, dat ass den Artikel 7, do steet, mer géifen, wa mer Consultatiounen maache bei Diffé-



renden, dat geet nëmmen iwwert dee Wee an et kënne keng aner Piste gekuckt ginn. Firwat kënne mer nëmmen Différende léisen duerch Consultatioun? Firwat sinn do keng aner Piste méiglech? Dat ass meng Fro.

E leschte Punkt an deem Kontext, e punktuelle Punkt, dat ass d'Fiche financière. Do steet dran eben «ne comporte pas de dispositions dont l'application est susceptible de grever (...) le budget de l'État». Okay, déi Aktivitéite gi formaliséiert. Ech hunn et jo virdru scho gesot. Mä Lagland, gëtt dat dann net méi deier? Gëtt dat wierklech net..., hu mer d'Garantie, dass all déi Kontrakten, déi mer hunn, dass déi finanziell deeselwechte Poids behale wéi haut? Kann et net sinn, dass d'Belsch elo soen: „Okay, Dir schafft elo systematesch mat eis zesummen déi nächst fënnef, zéng, zwanzeg Joer, da musst Der e bësse méi lech abannen, e bësse méi Käschte matdroen”? Wéi ass dat geregelt?

A schlisslech och steet an der Fiche d'évaluation d'impact: «Est-ce que le projet saisis l'opportunité pour améliorer la qualité des procédures?» Do steet „Neen“. Kann da wierklech net duerch dës Arrangementen, déi am Fong geholl da kënne systematiséiert ginn, do d'Qualitéit besser ginn? Duerfir verstinn ech net, firwat dass do „Neen“ steet.

Ofschléissend: De Projet de loi läit an der Logik vun der Zäit, e bündelt Aktivitéiten, esou wéi am Fong geholl déi belsch Présidence et viru jore lancéiert huet. Si huet gesot, mir maache Pooling a Sharing. Mir solle méi zesummen eis Capacitéiten zesummebréngen, fir Suen ze spueren. Dat geschitt hei. An et ass eng flott Symbolik dran, dass mir grad mat de Belsch dat maachen, déi am Fong geholl dës Iddi lancéiert hunn.

Mir hunn déi Iddi jo och an der NATO, do heescht et jo Smart Defence. Et ass eng gutt Saach also. An d'Défense wäert och eng nei Nues kréien, wann elo d'Engländer net méi an der EU sinn, well déi hu jo ëmmer vill blockéiert. Dat wëssen déi Leit, déi am Secteur mat dra sinn. Well si hu meeschtens der Agence européenne de la défense keng Moyene ginn. Ech huelen un an ech hoffen, dass dat da besser gëtt.

Duerfir dës Projet de loi, deem noutwendeg ass. Mir als klengt Land, mir brauchen e strategesche Partner, well eleng, mengen ech, hätte mer weineg Méiglechkeeten. Eis Féiss si wierklech ze kleng, fir op der grousser EU-Bün matzespillen am Beräich vun der Défense. An duerfir bréngen ech dann och den Accord vun der CSV.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An d'Wuert huet deem nächste Riedner, den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi ech de Préambule vun deem Traité do gelies hunn, ass mer virun allem ee Saz opgefall. Ech zitieren en och ganz gär hei: «Ayant à l'esprit les liens d'amitié qui existent entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Belgique.» Effektiv, ech mengen, dat ass e Saz, deem awer munches ausseet. Et kann een net niieren, dass mir als Land dach ganz enk Relatiounen mat der Belsch hunn. Et ass eng laang Verbonnenheet, déi eis auszechent.

No der belscher Revolutioun vun 1830 wollte ganz vill Lëtzeburger an d'Belsch integréiert ginn. Zënter 1921 besteet d'UEBL. Dat gouf jo och den 20. Abrëll 2004 hei adoptéiert. Eng grouss Verbonnenheet besteet och iwwert de Wee vun den Herrscherhaiser. Et kann een also roueg hei soen, dass effektiv dee Lien d'amitié mat der Belsch schonn eng gewësse Roll bei dësem Projet de loi gespillt huet.

Dëse Projet, deem zementéiert ouni Zweifel d'Zesummenaarbecht mat der Belsch op engem ganz wichtegen Terrain, an zwar an der Verteidigung an an der Sécherheet. Dat erklärt jo och, firwat dass mer eng ganz Rei vun Accorden, Arrangementen mat deem Land hunn. Et sinn der plus ou moins 40. Sécher, d'Belsch ass net e risegrousst Räich, mä et dierf een awer net vergiessen, dass et e Land ass, dat natierlech awer eng aner Dimensioun huet wéi Lëtzebuerg. A mir hunn all Intérêt als Lëtzebuerg, fir e Maximum u Synergie mat anere Länner ze sichen, wat jo u sech och e bëssen den Erfolleg vun eise Land ausmécht. Ech mengen, besonnesch um militäresche Plang si mir einfach ze kleng, fir kënne grouss Apporten ze liwweren.

Ech wëll drun erënneren, wat d'Armée ubelaangt, ass den obligatoresche Militärdéngscht jo 1967 ofgeschaaft ginn an, wat och richtig war, dass mer 2004 d'Armée opgemaach hu fir Netlëtzeburger. Haut gesi mer, dass dat e wichtegen, e richtige Schrëtt war.

Traditionell schaffe mer jo och net nëmme mat der Belsch, mä och mat Holland ganz enk zesummen. Ech wëll un déi OMP-Missionen zum Beispill erënneren. Ech erënneren och drun, dass den 18. Abrëll 2012 jo eng gemeinsam Deklaratioun mat der Belsch an Holland ënnerschriwwen gouf. Jiddefalls, eis Militärezusummenaarbecht, virun allem mat der Belsch, gëtt och duerch dës Projet ouni Zweifel verdéift, an et erlaabt jo awer och ënner anerem, nieft enger Rei anere Punkten, d'Ausbildung virun allem vun eisen Zaldoten nach ze verbessern.

Ech wëll vläicht op dëser Plaz dann och vun der Geleeënheet profitieren, fir nach eng Kéier kuerz op de Projet phare zrëckzekommen, dee mer mat der Belsch jo och gemeinsam ugefaangen hunn, deem nach net ofgeschloss ass, dass de Militärfliager A400M. An dat soll een och hei vläicht ënnersträichen, dee jo awer och fir humanitär Zwecker kann agesat ginn. Schon am Joer 2000 gouf jo d'Entscheidung hei geholl, fir esou e Militärfliager unzeschaffen. D'Konventioun war den 19. Juni 2001 ënnerschriwwen ginn. An de Vott hei an der Chamber huet den 22. Februar 2005 stattfonnt mat enger relativ grousser Majoritéit, loosse mer dat emol esou ausdrécken: 46 Jo, 11 Neen an 2 Abstentionen.

Deemools ass vun engem Käschtapunkt vun 120 Milliounen geschwat ginn. Entre-temps ass deem natierlech bedeitend an d'Luucht gaangen. An ech referéiere mech hei op eng Question parlementaire, déi ech dem Här Minister och kierzlech gestallt hunn, wou en da seet, dass de Liwwertermin dann elo soll spéitstens d'éischt Trimester 2019 sinn.

Wat dee Fliegerprogramm ubelaangt, do si jo och nach sech aner NATO-Länner, déi sech dorunner bedeelegen. Däitschland ënner anerem mat 53. Ech wëll dat Thema elo hei net ze vill verdéiwen, mä trotzdem nach eng Kéier drop hiweisen, dass jo awer besonnesch Däitschland och vis-à-vis vum A400M gewësse Reserven déi lescht Zäit do ausgedréckt huet. Mä wéi gesot, dass soll awer hei net elo zur Diskussioun stoen.

Natierlech gëtt et och aner Domänen, déi u sech an dësem Projet de loi zrëckbehalen ginn. Et geet jo net nëmme reng klassesch ëm d'Sécherheet an d'Verteidigung. Et geet zum Beispill och ëm de Bien-être au travail, Recherche a virun allem déi géigesäiteg Hëllef am Fall vu Katastrophen a gréisser Accidenter. Och do kann ee sech virstellen, wann - wat mer jo alleguer net hoffen! - sollt eng Kéier e gréisseren Tëscheffall op eise Territoire stattfannen, dass mer awer do kënne op de Recours vun de belsche Leit zrëckgräifen.

Ech mengen, virdrun ass dat schonn hei ugeschnidde ginn: Dat ass deem Avis juridique vum Ausseministère, wat awer richtig war, dass deem ausgeschafft ginn ass. Mir bewegen eis och hei an enger relativ delikater Matière, wann et ëm den Échange vun dach confidentiellen Informatiounen geet. Do sinn natierlech d'Staten dozou gehalen, fir ganz virsiichteg domat ëmzegoen.

Mir als Demokratesch Partei kënne mat där Léiung do liewen, sinn och domat d'accord, dass d'Chamber hei soll natierlech informéiert ginn iwwert de Wee vum zoustännege Minister. An och d'Chamber muss sech hei selwer an d'Flicht huelen, dass se gegebenenfalls ze vill confidentiel Informatiounen natierlech net mëssbraucht.

Da wëll ech nach eng Kéier drop hiweisen, dass dës Projet wéi gesot awer och als Zil huet, fir och d'Lëtzeburger Armée u sech ze valoriséieren. Ech wëll elo net hei eng Debatt lasstréppelen iwwert de Sënn an Zweck vun der...

(*Interruption par M. le Président*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Et ass net fir lech.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Et ass net fir mech.

...vun der Lëtzeburger Armée. Mir kréien nach Geleeënheet, fir dat spéider eng Kéier ze maachen. Ech mengen, et ass jo e Kolleg heibannen, den Här Kartheiser, wann ech richtig am Bild sinn, deem eng Interventioun ugefrot huet oder eng Interpellatioun iwwert d'Lëtzeburger Armée. Da kënne mer dat do méi am Detail maachen.

Jiddefalls, dee Projet hei, dee gëtt elo eng zolidd juristesche Basis, fir u sech déi bilateral Relatiounen, déi mer mat der Belsch fleegen, am Fong geholl nach méi kloer ze zementéieren.

An deem Sënn, wéi gesot, steet d'Demokratesch Partei zu dësem Projet de loi. An ech wëll awer och ofschléissend der Madamm

Dall'Agol eemol méi Merci soe fir hir exzellent mëndlech an och schrëftlech Bericht.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An nächste Riedner ass den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat dësem Gesetzesprojet approuviere mer en Traité tèschent dem Grand-Duché an der Belsch iwwert d'Zesummenaarbecht tèschent der Belsch a Lëtzebuerg um Plang vun der Défense a vun der Sécherheet.

Firwat maache mer dat? Majo, mir schaffen - ech mengen, dat weess jiddwereen - scho ganz laang partnerschaftlech mat der Belsch zesummen, eben op deem Plang vun der Sécherheet. A mer mengen, et wier wierklech Zäit, fir och eng zolidd juristesche Basis ze kréie fir déi aktuell Zesummenaarbecht an awer och fir d'Zesummenaarbecht an der Zukunft.

Am Artikel 2 vum Traité an am Rapport, do gi 15 Domänen opgezéit, wou déi Zesummenaarbecht ka stattfannen. Ech zielen déi awer elo net op. Si sti wéi gesot am Rapport.

Et steet awer och nach e 16. Punkt an deem Traité an dee seet, dass déi Oplëschtung net komplett ass an dass duerchaus nach aner Terraine fir d'Zesummenaarbecht kënne genotzt ginn. Sou een Artikel ass jo eppes wéi e Blankoscheck fir d'Regierung. Dat huet de Statsrot an och d'Membere vun der Kommissioun interpelléiert.

Grad wéi och de Punkt 4 am Artikel 3, dee seet, dass eng Approbatioun vun der Chamber zu den Arrangementen tèschent der Défense vun deenen zwee Länner net noutwendeg wier. Dat hat dann och dozou gefouert, dass mer en Avis juridique gefrot haten, deem den 10. Juni do war. De Statsrot huet drop bestanen, dass esou Arrangementen awer missten am Mémorial publizéiert ginn, an dat hu mer och vun der Regierungssait accordéiert kritt, an dat féiert dann och dozou, dass ech kann den Accord vun der grénger Fraktioun zu deem Projet de loi ginn.

Ech hunn nach haut an enger Dageszeitung, an enger Lëtzeburger Dageszeitung gelies, dass iwwert d'belsch Armée steet dran: «une armée au bord de la défaite financière». Ech hoffen, dass dat just dru gemooss gëtt, dass d'Belsch, äänlech wéi Lëtzebuerg och, keng ganz gutt Abezueller sinn, wann ee se am NATO-Verglach huet. Mir sinn dann déi, déi am mannsten abezuelen, an d'Belsch si just virun eis. Et weess een awer och, dass d'belsch Armée muss eng Rei Efforte maachen, fir zum Beispill hir F-16-Flieger ze ersetzen. Ech mengen zwar, dass deem Accord hei net wäert dozou féieren, dass mer müssen d'belsch Armée finanziell och ënnerstëtzen. Trotzdem ass dat eng gutt Saach, déi Zesummenaarbecht, an eisen Accord ass och do ginn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An den Här Kartheiser als nächste Riedner ass scho prett.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, villmools Merci. Merci och un d'Madamm Rapporteur fir e ganz komplette Rapport.

Deem Accord, dee mer haut hei ratifizéieren, ass largement symbolesch. Ech mengen, mir haten eng ausgezechent Kooperatioun mat der Belsch. Mir hätten elo net onbedéngt esou en Accord wéi deem heite gebraucht. An deem Sënn muss mer wëssen, dass mer hei en Akt maachen, wéi der vill elo an Europa gemaach ginn, fir ze weisen, dass Lëtzebuerg och bei enger multilateraler Zesummenaarbecht matmécht, dass et gudd Wëllens ass, fir och esou Strukturen da mat opzebauen, déi iwwer een nationale Kader erausginn.

Et ass och vläicht iwwerdriwwen, vun enger strategescher Partnerschaft tèschent zwee Länner ze schwätzen, vun deenen dat eent, wéi mir, sécher keng Strategie mécht, an eis belsch Nopere maachen och net vill Strategie. Trotzdem ass d'Belsch fir eis e ganz wichtegen a faire Partner am militäresche Beräich, an a villen anere Beräicher, an et hätt een dat och nach kënne doduerch ënnersträichen, dass een an dem Préambule vum Accord hätt kënne sech referéieren op d'Brigade Piron, op de gemeinsame Batailloun am Korea-Krich oder aner Geleeënheeten, wou déi Zesummenaarbecht besonnesch intensiv war.

Den A400M ass e Projet, deem och schonn hei zitéiert gouf; och meng Partei hat dee schonn e puermol kritiséiert. Mir wëssen haut nach net, ausser den Här Minister kéint eis et soen, wéini e geliiwert gëtt a wéini mer dann endlech op dat Instrument kënne zrëckgräifen.

Et ass och gesot ginn, dass mer esou Accorden elo mat anere Länner ofschléissen. Däitschland ass do genannt ginn. Dat ass schonn en anere

politeschen Exercice! Do muss mer natierlech oppassen, well, wéi ech och gesot hunn, wa mer de Belsch am Abléck, am abléckleche Stadium vun hirer Geschicht kaum strategesch Interessen oder Hannergedanke kënne ënnerstellen, esou ass dat mat méi grousser Länner eng aner Fro.

Do muss mer oppassen, dass mer eis net an Engrenagen, a Strukturen eranzéie loosse, déi eis herno d'Fräiheet vun der politescher Décisioun huelen, ob dat am Baltikum ass oder op anere Plazen. Et muss ëmmer esou sinn, dass, wa mer mat anere Länner zesummeschaffen, mer eis awer do net, wéi gesot, eng politesch Handlungsfäegkeet duerch eng ze vill grouss oder eng ze vill intensiv Integratioun huele loosse.

Politesch interessant an dësem Accord sinn zwee Aspekter. Den éischten ass deem - an dësem Accord wéi och an deem nächsten -, dass de Loftraum beträff ass. Hei gi mer eis géigesäiteg Iwwerfluchrechter. An deem nächsten Accord, op dee mer ze schwätze kommen, den nächste Projet de loi geet et dann ëm d'Ofhängen eventuell vu Fliger, déi an der Hand vun Terroriste sinn.

An deenen zwee Fäll ass et wichtig, dass mer als Lëtzebuerg kënne weinstens zum Deel eisen eegene Loftraum kontrolléieren. Ech ënnersträichen dat hei ausdrécklech, well parallel an anere Foren am Abléck diskutéiert gëtt iwwer eng Méiglechkeet, fir d'Kontroll vun eise Loftraum auszulagere an auslännesch Akteuren, déi eventuell weder belsch nach Lëtzeburger sinn. Och dat muss ee wëssen, an et ass en Aspekt - militäresch Sécherheet am wäite Sënn -, deem een do muss mat bedenken.

En zweeten interessanten, politesch interessanten Aspekt ass d'Fro vun der Legalitéit, der Wierksamkeet an der Publizitéit vu vertraulichen Ofkommessen tèschent Staten. Deem Avis juridique ass hei schonn e puermol genannt a beschriwwen ginn. An ech mengen, et muss een och d'Jurisprudenz an deem Beräich do matkucken.

Et gëtt eng Jurisprudenz zum Artikel 37. Zur Erënnerung: Den Artikel 37 vun der Verfassung seet, geheim Ofkommesse si verbueden. An do gëtt et eng Rei Uerteeler. Et gëtt zum Beispill eent vum 21. Dezember 1949, wat awer ganz wichtig ass. Dat seet: «Les traités et les accords internationaux, qui n'ont pas été ratifiés par la Chambre des Députés, ni publiés au Mémorial, sont inopposables aux justiciables.» Dat heescht, eis Jurisprudenz nennt zwou Konditiounen, fir dass esou en Accord rechtswirksam ass: Éischstens, e muss ratifizéiert sinn, an zweetens, e muss publizéiert sinn.

Den Avis juridique, deem elo do ass, dee seet u sech just de Contraire! E seet, et brauch weder duerch d'Chamber ratifizéiert ze ginn nach muss et publizéiert ginn, ënner gewësse Konditiounen. Dat heescht, mir müssen eis bewosst sinn, dass déi Tragweite hei vun deem Avis juridique, iwwert dee mer haut schwätzen, de Contraire vun deem seet, wat déi allgemeng Jurisprudenz an deem do Beräich bis elo gesot huet.

Et muss een och wëssen, dass no der Jurisprudenz all internationalen Accord, deem ofgeschloss gëtt, en Traité am Sënn vun der Verfassung ass. Dat ass eng Jurisprudenz vun der Cour vum 3. Dezember 1960. Egal wéi mer dat nennen, ob dat elo en Accord ass, e Memorandum of understanding oder iergendeng aner Denominatioun: Am Sënn vun der Lëtzeburger Jurisprudenz, vun der Interpretatioun vun der Constitutioun ass dat ëmmer en Traité, sou dass eigentlech all geheim Ofkommes verbueden ass.

Mir müssen also elo kucken: Wat ass elo d'Pertinenz vun deenen doten Dispositiounen am Kontext vun eiser Praxis hei? An do wëll ech och verweisen op déi Programmes indicatifs de coopération am Beräich vun der Entwécklungshëllef, wou mer als ADR schonn e puermol gefrot haten, dass déi misste ratifizéiert oder publizéiert ginn. Wann een elo hiegt an et seet een, wann déi Accorde reng Ausféierungsbestëmmunge begräifen, wéi deem Avis juridique et hei seet, da bräichte mer se net hei ze ratifizéieren, contrairement zu der Jurisprudenz: Mir misste se awer publizéieren! An ech kommen drop, fir dat ze erklären, firwat dat de Fall ass.

No deem Avis juridique müssen näamlech zwou Konditiounen erfüllt ginn, fir dass en Traité rechtskräftig ass, ouni vun der Chamber ratifizéiert ze ginn an ouni publizéiert ze ginn. An déi zwou Konditiounen si kumulativ. Se sinn net eng oder déi aner, mä se müssen allen zwou erfüllt sinn. An do ass déi éischt: Et muss e rengen Acte d'exécution sinn, dat heescht, et si reng operationell Dispositiounen dran a kee weidere politeschen Engagement iwwer iergendeppes eraus.



Dat muss een och bei deene Programmes indicatifs de coopération kucken, ob dat elo reng Ausföhrungsbestëmmunge vun engem bilateralen Accord sinn, oder ob do och Dispositione mat ageholl ginn, déi innovativ sinn, nei sinn, nei Engagementer hunn. An deem Fall misste se ratifizéiert sinn.

An déi zweet kumulativ Konditioun, dat ass, dass d'Akte vun deenen zwou Parteien, also déi Actes d'exécution vun deenen zwou Parteien, deenen zwee betraffene Staaten dem gemeinsamen Accord e confidentielle Charakter ginn, wéinst der Sensibilitéit vun deenen dora beschriwwenen Informatiounen.

Elo ass dat ganz kloer esou, dass dës Konditioun praktesch nëmme kann am Beräich vun der Sécherheetspolitik gëllen! Et ass schwéier sech virstellen, ausser Verdeelegung, Polizei oder Lutte contre le terrorisme oder wat och ëmmer, Geheimdéngscht, dass d'Dispositione kéinten an engem Accord festgehalen ginn, déi déi do Konditiounen géifen erfëllen, wa se net am Sécherheetsberäich sinn.

Et ass also esou, dass mer hei en Avis juridique hunn, dee géint d'Jurisprudenz steet, awer dee kloer Konditiounen vorschreift. An ech mengen, et ass eis politesch Verantwortung hei, dass mer dann déi Konditiounen, op déi mer eis awer hei am Konsens, mengen ech, kënnen eenegen, dass se sënnavoll sinn, dass mer déi awer och strikt anhalen an dann och kucken an eisen diversen Aktivitéitsberäicher vun der Legislatioun, ob mer eis dann och konform verhalten zu deene strenge Regeln, déi mer eis awer haut wëlle ginn.

Dofir hu mer och als ADR insistéiert an der zoustänneger Chamberskommissioun, dass de Contrôle politique vun der Chamber muss kënnen weider ausgefüllt ginn. Dat heescht, do hu mer verlaangt - an ech sinn och frou, dass mer dat hei allgemeng als akzeptéiert kënnen ugesinn -, dass d'Chamber muss informéiert ginn iwwer alles, wat an deem dote Beräich mat auslännesche Staaten ofgemaach gëtt. Et kann net sinn, dass d'Regierung seet: „Et brauch weder eng Ratifizéierung nach eng Publizitéit vun engem Accord d'exécution“ an dann higeeet an d'Parlament net informéiert.

Et ass fir eis vun zentraler Wichtigkeet, dass d'Parlament a senger Funktioun vum Contrôle politique vun der Aktivitéit vun der Regierung net ka behënnert ginn. Och wann d'Parlament, wéi et hei gesot gëtt, wann et wierklech ganz sensibel Informatiounen sinn, sech selwer eng Diskretioun operleet, wat selbstverständlech ass, mä de Contrôle politique muss kënnen weider erfëllt ginn.

Ënnert deene Konditiounen, wéi gesot, kënnen mir als ADR dat heiten och matdroen. Mir ënnersträichen dat, wat d'Virriedner gesot hunn, den Här Graas an anerer, dass mer mat der Belsch exzellent frëndschaflech Relatiounen hunn, dass dat hei e weidere Bäitrag ass, fir déi Relatiounen ze festegen an auszubauen. Alles dat kënnen mer begreifen.

Mä ech mengen, och déi Diskussioun, déi mer hei hunn iwwert déi Avis juridiques, iwwer eis Verfassungsmeissegkeet, d'Verfassungsmeissegkeet vun deenen Accorden, gëtt eis eng nei politesch Verantwortung an der Ëmsetzung vun enger Rei vun Traitéen. A mir müssen där gerecht ginn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Et bleift eis nach de leschte Riedner, den Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Här President, mat deem Gesetz hei gëtt en Accord-cadre geschaaft fir d'Zesummenaarbecht mat der Belsch a Saachen Défense. Dat heescht, et ass eng Zort Prabbeli, ënnert deem sech all aktuell an zukünfteg Kooperatiounen an deem Beräich ofspille sollen. De Problem ass awer, dass mer net am Detail wëssen, wéi eng aktuell an zukünfteg Kooperatiounen dann iwwerhaapt ënnert dee Prabbeli fale wäerten. Et ass also eng Zort Kinderüberraschung, iwwert déi mer hei ofstëmmen, wou mer zwar d'Verpackung ronderëm kennen, mä net genau dat, wat dran ass.

Ech brauch wuel net ze betounen, dass mir dës Virgeeënswies bedenklech fannen, virun allem wou et jo net ëm eng Zesummenaarbecht bei der Editioun vun Timbere geet. Hei geet et ëm ganz kriddelech Sujeten, wéi den Déploiement vun Zaldoten, d'Uschafung vu Krichsmaterial oder de Renseignement. Dat si Sujeten, déi d'Chamber muss kloer eppes uginne a bei deenen ee muss an aller Transparenz Décisiounen huele kënnen.

Deen Avis juridique, deen och schonn ugeschwat ginn ass, seet kloer, dass Arrangements, déi rechtlech verbindlech sinn, mussen vun der Chamber approuvéiert a publizéiert ginn. Mir mengen duerfir, dass eng ganz Rëtsch Ar-

rangementer, déi elo dodrënner falen an déi eigentlech elo och scho mat der Belsch geholl sinn, eis hätten hei misse virleien, fir ze wëssen, wat dat dann och elo fir d'Zukunft bedeit hätt.

Mir mengen, dass all déi Arrangements verëffentlecht misste ginn, déi rechtlech verbindlech sinn, an eréischt dann hätte mer kënnen déi Diskussioun an déi Décisioun hei iwwert de Kaderaccord en connaissance de cause huelen.

Dernieft froe mer eis awer och, wéi d'Regierung gedenkt, mat deem Avis juridique weider ëmzegoen, well dee betrëfft jo net nëmme d'Arrangements am Kader vun deem Memorandum of understanding mat den USA oder an deem Fall mat der Belsch, mä e stellt prinzipiell Froen oder suggeréiert prinzipiell Regeln, déi ganz generell méi oder manner all Arrangements betreffen, déi d'Lëtzebuergesch Exekutiv an deene leschte Joren, voire Jorzéngten ofgeschloss huet.

Mir froen dann och d'Regierung, dass se der Chamber e kompletten Inventar virleet vun deenen Accorden an Arrangements, déi net, bis elo net publizéiert gi sinn, inklusiv engem Plang, wéi déi Situatioun wäert kloergemaach respektiv berengegt ginn. Wann a verschiddeenen Accorden oder Arrangements sensibel Saachen dra sinn, déi net kënnen verëffentlecht ginn, dann, esou seet et den Avis juridique, müssen déi an engem Acte d'exécution iwwerholl ginn, dee ka geheim bliwen.

Mir ënnerstëtzen och vun deem alles dat, wat bis elo gesot ginn ass, dass d'Chamber awer op jidde Fall muss Ableck an déi Actes d'exécution hunn, fir kënnen all Abus auszuschleissen an och fir kënnen hir Kontrollfunctioun iwwert d'Exekutiv anzehuelen.

Dëst gesot, Här President, hätte mir eis méi Informatiounen, virun allem iwwert déi Onkloerheeten, déi awer elo hei opkommen, gewünscht. A mir wäerten deen heite Projet net stëmmen.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- An den Här Verteidigungsminister wäert eis elo eng Rei vun Informatiounen ginn. Här Etienne Schneider!

Prise de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Défense*.- Jo, Merci, Här President. Vlächtt wann Der erlaabt vun hei aus e puer Remarquen. Eischtens emol sinn ech frou, dass mer dee Kaderaccord hei kéinten haut da stëmmen. Et geet effektiv drëm, fir eis Zesummenaarbecht mat der Belsch, wat den Défenseberäich ugeet, méi flëssend, méi einfach kënnen ze organiséieren. Dir wësst, dass mer zënter ganz laange Jore mat der Belsch eisen engste Partner hunn am Beräich vun der Défense an dass et e Partner ass, op dee mer eis nach ëmmer konnte verloossen. Ech mengen, och den Här Halsdorf als friéiere Minister kann dat bestätegen, dass mer mat der Belsch en extrem confidentiell an extrem déif gräifend Zesummenaarbechten hunn.

Ech wëll och hei als Beispill soen - den Här Kartheiser huet et ugefouert -, dass d'Belsch warscheinlech keng Défensestrategie hunn. Här Kartheiser, si hunn eng! De Minister huet mer elo nach zu Warschau um NATO-Sommet proposéiert, dass e mer dat elo am Detail wëllt erklären, wat hir Défensestrategie ass. Ech mengen, och dat weist, et ass e Geste.

► **Une voix**.- Dir kennt jo den Här Kartheiser mathuelen.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Défense*.- Gelift?

► **Une voix**.- Huelt den Här Kartheiser mat!

(Hilarité)

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Défense*.- Dat weist d'Vertrauensverhältnis awer tëschent der Belsch a Lëtzebuerg, well si si jo net obligéiert, eis hir Défensestrategie ze erklären. Dat maache se awer.

Et koumen eng Rei Froe vum Här Halsdorf, ënner anerem wat d'Sprooch ugeet. D'Sprooch ass kloer Franséisch an deem heite Fall.

Och wat äänlech Accorden ugeet mat anere Länner, wéi zum Beispill Däitschland, hutt Dir genannt, ass et natierlech esou, dass mer probéieren, méi enk och mat deene Länner zesummeschaffen, wéi GTF, ginn ech lech als Stéchwuert.

Mä och Holland, wëll ech lech drun erënneren, dass Der d'lescht Woch hei de Projet de loi gestëmmt hutt, deen de Projet MRTT erlaabt. Et ass e Projet, wou Holland d'Lead nation ass, wat also weist, dass mer och mat aneren Nationen zesummeschaffen.

Mä ech mengen, deen Accord hei tëschent Lëtzebuerg an der Belsch ze maachen, war elo emol deen urgentsten, well et wierklech eisen

natierleche Partner ass. Et gëtt och keen hei zur Kooperatioun duerch deen Accord gezwongen. Ech mengen, et steet ëmmer nach all Land op, esou wäit dann ze goen an deenen Accorden, deene jeeweilegen Accorden, wéi et dat fir richtig fënn.

Dir hutt och, Här Halsdorf, Lagland ugeschwat, wou mer elo zënter 1970 kënnen trainéiere goen an dat gratis. Do ass et esou, juste pour information, et huet net direkt elo eppes mam Sujet ze dinn, mä et ass esou, dass d'belsch Arméi aus deene finanzielle Grënn, déi och schonn invoquéiert gi sinn, drun denkt, fir dat an der Sous-traitance géréieren ze loosse. Ech wëll lech awer soen, dass mir an déi Diskussioun mat agebonne ginn an dass dat natierlech, wann et zu enger Sous-traitance kënnt, och net wäert gratis dee Moment un eis verbäi goen oder laanschtgoen.

Bon, den Här Adam huet och vun der belscher Arméi au bord de la faillite financière geschwat. Ech mengen, et ass kee Geheimnis, dass d'Belsch an deene leschten dräi Joer permanent mat hirem Effort de défense par rapport zum PIB erofgaange sinn, dass si deen zweetkleengste Contributeur no eis sinn, oder virun eis, deemno vu wéi enger Optik dass een et kuckt, mat 0,87% vun hirem PIB, wann ech elo dee Chiffer nach gutt an Erënnerung hunn. Mä och do huet de belsche Minister mer gesot, dass e seng Moyenen elo stabiliséiert kritt huet respektiv erëm mat liichte Croissancen a sengem Budget ka rechnen.

Dir wësst, dass mir an enger anerer Situatioun sinn, dass mir sënnavoll Projekte sichen an do duerch natierlech och bereet sinn, gemeinsam Projeten, och Investitionsprojete mat der Belsch ze maachen, wou mer si dann och eventuell emol eng Kéier als Merci fir déi gutt Kooperatioun kënnen op deem engen oder anere Punkt finanziell entlaaschte respektiv hinnen ënnert d'Aerm gräifen.

Dann zu deem legale Kader. Den Här Kartheiser ass och drop agaangen. Ech mengen, mir hunn en Avis jo vum Statsrot zu deem Projet hei, dee jo d'Konstitutionalitéit vum Projet och geprëift huet. Pour le reste sinn ech komplett mat lech d'accord, Här Kartheiser, dass natierlech d'Chamber muss de komplette Contrôle politique vun allen Accorden hunn. An ech sinn och do mam Här Baum averstanen. Ech mengen, dass dat fir mech evident schéngt.

Mir wäerten eis och dorunner halen, dass alles, och wann et net ka publizéiert ginn, aus confidentielle Grënn, mä dass et awer dann an deem Kader kann an der Chamber diskutéiert ginn. An och déi Fuerderung, fir déi Accorden, déi bestinn, déi Fuerderung vum Här Baum, fir déi ze publizéieren, do sinn ech och gär bereet, dat ze maachen, esou wäit wéi se nach Bestand hunn. Et gi jo Accorden, déi iergendwann ausgelaf sinn, da mécht et kee Sënn méi. Mä pour le reste hunn ech och domadder kee Problem.

Voilà, dat gesot, soen ech lech alleguerte Merci fir Är Commentairen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- A mir kënnen direkt zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert de Projet de loi 6829.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6829 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Eischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet de loi 6829 ass mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Nee-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Aderm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Félix Eischen (par Mme Martine Mergen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Projet de loi iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6949, en Accord mat der Belsch an Holland betreffend de Schutz virun terroristeschen Attacken aus der Loft, insbesondere mat ziville Fligieren. An d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur, den Här Marc Angel.

6. 6949 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Royaume de Belgique, le Royaume des Pays-Bas et le Grand-Duché de Luxembourg concernant l'intégration de la sécurité aérienne en vue de répondre aux menaces posées par des aéronefs non militaires (Renegade), signé à La Haye le 4 mars 2015

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel** (LSAP), *rapporteur*.- Jo, Här President, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei deemem Projet de loi geet et effektiv drëms, en Accord tëschent Lëtzebuerg an onse Benelux-Partner Holland a Belsch ze ratifizéieren.

Den Accord betrëfft, wéi Der et gesot hutt, d'Sécherheet vun onsem Loftraum am ganz spezifesch Fall vun engem Renegade. Wat ass e Renegade? E Renegade ass no der militärescher Definitioun vun der NATO en ziville Flieger, dee vun Terroriste gekidnappt gëtt mat dem Ziel, fir eng Attack mat deem Flieger ze fléien.

Bis haut si mer an esou engem Fall hei zu Lëtzebuerg e wäisse Fleck op der Landkaart. Mir hu keng Prozedur, wat an esou engem Fall soll a muss geschéien, fir d'Sécherheet garantéieren ze kënnen. Mat deem Traité, dee mer also haut hei ratifizéieren, gëtt dës Sécherheetslück zougemaach.

Et ass haut effektiv esou, dass, falls de Lëtzebuerger Loftraum vun engem militäresche Flieger attackéiert gëtt, da si mer am Kader vun der NATO, an an esou engem Fall gëtt onse Loftraum vun der Belsch mat geschützt. Mä am Fall vun engem Renegade, also engem ziville Flieger, ass d'NATO net zoustänneg. An esou engem Fall läit all Décisiounsgewalt bei onsen nationalen Autoritéiten.

Vu dass Lëtzebuerg iwwer keng eege Militärvatioun verfüügt, mat där mer ons kéinte wieren, mussen mer noutwendegerweis mat onse Partner zesummeschaffen. Dowéinst hu mer also deenen Accord am Benelux-Kader fonnt an doriwwer eraus si mer och a Verhandlung mat Däitschland a Frankräich, fir och mat hinnen en Accord ofzeschleissen.

Den Accord vun haut konstituéiert fir de Fall vun engem Renegade en eenheetleche Loftraum vun de Benelux-Staaten, an deem ofwiesend entweder vun dem belschen oder vum hollännesche Militär agegraff ka ginn, wann déi zoustänneg national Autoritéit dat ufreet.

Zu Lëtzebuerg ass de Minister vun der Défense responsabel. Hie ka vum Ausseminister ersat ginn an un drëtter Stell vum Justizminister. Den Accord leet och ganz genau fest, wéi eng Schrëtt kënnen a müssen am Fall vun engem Renegade ënnerholl ginn.

D'Prozedur gesäit dofir fir: éischstens, d'Feststellung an d'Kontaktopnam mam Renegade an d'Eropeschécke vun enger Eskort fir dee Flieger.

Zweetens, dem Flieger e Verbuet fir d'Weiderfléien auszuschwätzen an hien zur Landung opzefuerderen. Wann dëst fräiwëlleg net geschitt, da kann och en aktiiv Ofdränge vun der Fluchlinn vum Renegade gemaach ginn. An dëser Phas probéieren d'Militärfligieren, de Renegade zu enger Landung ze forcéieren oder hie vu senger momentaner Fluchlinn, wéi gesot, ofzebréngen.

Drëttens, wann dat net geléngt, ass déi drëtt Etapp d'Offeiere vu Warnschëss.

A véiertens, sollt dëst net geléngen, da gesäit déi lescht Etapp vun der Prozedur och vir, dass de Renegade kann ofgeschoss ginn, also d'Force létale.

Hei ass et awer ganz wichteg ze betounen, dass déi véiert Etapp fir Lëtzebuerg net gëllt. Virun allem déi ganz sensibel Fro vum Asaz vun